N°4454
Entrée le 14.08.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 4454 vum 14. Juli 2026 vum Här Deputéierten Jeff Boonen.

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwert d'Aféierung vu geschwindegkeetsgereegelte Verkéiersluuchten zu Lëtzebuerg.

*Fro 1: Huet de Ministère schonn analyséiert, ob d'Aféierung vu geschwindegkeetsgereegelte Verkéiersluuchten zu Lëtzebuerg eng sënnvoll Moossnam kéint sinn, fir d'Vitess an den Uertschaften ze reduzéieren an d'Verkéierssécherheet ze verbesseren?*

*Fro 2: Huet de Ministère Kenntnisser oder Evaluatioune vun esou Systemer aus dem Ausland, besonnesch wat hir Wierksamkeet bei der Reduktioun vun der Vitess an der Verbesserung vun der Sécherheet ugeet?*

*Fro 3: Wär d'Madamm Ministesch bereet, zesumme mat interesséierte Gemengen, e Pilotprojet mat esou engem System op enger oder méi besonnesch sensibele Plazen ze lancéieren?*

*Fro 4: Wa jo, no wéi enge Krittäre kéinten déi Plazen ausgewielt ginn a wéi en Zäitraum kéint fir d'Ëmsetzung vun esou engem Pilotprojet virgesi ginn?*

*Fro 5: Falls d'Regierung dësen Usaz net wëll verfollegen: Wéi eng aner nei Mesurë si geplangt, fir d'Vitess besser ze kontrolléieren an d'Respektéiere vun de Limitten ze garantéieren?*

Dëse Sujet ass schonn ausféierlech am Kader vun der parlamentarescher Fro Nr.1210 vum 19. September 2024 behandelt ginn.

Mat Verweis op d'Äntwert op dës Fro sinn esou Anlagen a Frankräich bekannt. Sie ginn do virun allem an den Agäng vun Uertschaften a Kombinatioun mat Zebrasträife benotzt. Sie ginn dacks als « Feux de récompense » bezeechent. De franséischen Expertiseszenter Cerema réit selwer awer vun esou Mesuren of. Am Beräich vun der rouder Luucht gëtt zwar allgemeng eng punktuell Reduktioun vun der Vitess erkennbar, gläichzäiteg sinn awer och ongewollten Effekter festzestellen, dorënner abrupt Bremsmanöveren, déi de Risiko vun Opfueraccidenter erhéijen, Acceleratioune virun an hannert der Luucht, méi heefegt Iwwerfuere vun der rouder Phas an e Gewunnechtseffekt bei lokale Chaufferen, duerch deen d'Wierksamkeet mat der Zäit ofhëlt.

De lëtzebuergesche *"Code de la Route"* gesäit de Gebrauch vu Verkéiersluuchten vir, fir de Verkéier ze reegelen *("pour règler la circulation")*, präziséiert awer net, a wei enge Situatiounen dës anzesetze sinn. D'Krittäre fir den Asaz vu roude Luuchte sinn am mëtteleuropäesche Raum dogéint kloer an technesch Richtlinne festgeluecht.

Besonnesch am däitschsproochege Raum ginn d'Richtlinne fir d' *"Planung von Lichtsignalanlagen (RiLSA)"* vun der "Forschungsgesellschaft für Straßen- und Verkehrswesen (FGSV)" als Referenz benotzt. Dës Richtlinne ginn och zu Lëtzebuerg bei der Planung an dem Asaz vu Verkéiersluuchten appliziéiert.

Verkéiersluuchten, am Sënn vum Reegele vum Verkéier *("pour règler la circulation"),* droen dozou bäi:

1. d'Verkéierssécherheet vun alle Stroossenotzer*innen ze erhéijen, andeems si Verkéierskonflikter vermeiden, an e Séchert Kräize respektiv Iwwerschreide vun der Strooss erméiglechen,
2. een zefriddestellenden Oflaf vum Verkéier ze erméiglechen,
3. an de Verkéier ze geréieren an, de Fall gesat, bestëmmte Verkéiersaarte prioritär ze behandelen (ëffentleche Verkéier, Schoulkanner am direkten Ëmfeld vu Schoulen, asw.).

Rout Luuchte ginn deemno ausschliisslech agesat, wann ee vun dësen dräi Krittären et erfuerdert. Zu Lëtzebuerg ass dat virun allem de Fall op Kräizungen an Zebrasträifen, bei den Accèse vun den Tunnellen am Fall vun engem Accident, engem Tëschefall oder am Kader vun Entretiensaarbechten, souwéi bei verschiddenen Installatiounen am kommunalen oder private Beräich, wéi Bornen oder Parkinganlagen.

Rout Luuchte sinn ausdrécklech net fir edukativ oder dissuasiv Zwecker geduecht, wéi d'Kontroll vun der Vitess oder d'Belounung vun engem konforme Fuerverhalen. En Asaz ausserhalb vun hirem eigentleche Verwendungszweck kéint de Respekt vis-à-vis vun de bestoende roude Luuchten och a Fro stellen. Wéi et an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 3398 vum 7. Januar 2026 duergeluecht gouf, ass eng Verkéiersluucht keng Moossnam vun der Verkéiersberouegung; si kann zur Sécherheet vun engem Iwwergang bäidroen, ersetzt awer keng Amenagementer, déi op eng effektiv Reduktioun vun der Vitess ausgeriicht sinn.

Et besteet de Risiko, dass d'Spärsignal (rout) manner respektéiert gëtt, wann d'Automobilisten*innen dovun ausginn, dass d'Luucht am Fall vun engem Iwwerschreide vun der maximal erlaabter Vitess op rout schalt an net fir e Konflikt mat engem anere Verkéiersfloss ze verhënneren. Dëst géif dozou féieren, dass Foussgänger*innen e falscht Gefill vu Sécherheet hunn. Fir eng nohalteg Reduktioun vun der Vitess an eng Verbesserung vun der Verkéierssécherheet setzt de Ministère weiderhin op bewäert baulech Amenagementer, wéi Schikanen, Plateauen, Ralentisseuren, asw. duerch déi d'Chauffeusen an d'Chaufferen den apaiséierte Verkéierskontext erkennen an hiert Verhalen entspriechend upassen. Esou Mesurë stellen no der aktueller fachlecher Evaluatioun déi effikassten Instrumenter duer, fir d'Vitess nohalteg ze reduzéieren an d'Sécherheet vun alle Stroossenotzer*innen ze erhéijen.

D'Approche vun der Regierung kombinéiert dës Amenagementer mat der Kontroll a mat der Sensibiliséierung. Bei dësen Dispositiver gëtt d'Verhale vun eenzelne Chauffeusen a Chauffere kontrolléiert a sanktionéiert, ouni d'Funktioun vum Liichtsignal ze veränneren an eventuell aner Chauffeusen a Chauffere mat ze benodeelegen.

Lëtzebuerg, den 14. August 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes